N° 7244
Entrée le 25.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

An der Äntwert op eng virrecht parlamentaresch Fro (n°7226) huet den Aarbechtsminister erkläert, dass Persounen an enger Aarbechtsmesure bei der ADEM (OTI, CAE, CIE, SP oder CRE) kee Recht op Congé pour raisons familiales hunn. Dëst wëll den Aarbechter, ausser an enger Mesure spéciale, keen "Salarié" wier. An der Äntwert vum Minister gëtt och gesot, dass fir déi Aarbechter kee Recht op d'Congés extraordinaires gëllt. Dat géing bedeiten, dass dës Persoune kee Recht op zousätzlech Congésdeeg hätte wann ee Familljemember stierft.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat fir aner Rechter hunn Persounen net, par Rapport zu engem Salarié an engem CDD oder CDI, wann se an enger Aarbechtsmesure sinn?
2. Wat fir Ënnerscheeder gëtt et a Punkto Congéen tëscht engem Aarbechter an enger Mesure spéciale vun der Adem an deenen aneren Aarbechtsmesuren?
3. Gedenkt de Minister hei Ännerunge vir ze huelen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten